



däerf och net sinn, dass Kanner duerch e Raster falen, well et net genuch Angebot gëtt, fir kënnen op d'Defiziter vu verschiddene Schüler anzegoen. Dat ass eng Erausforderung, déi wëll ech ugoen!

Här President, jonk Leit hunn, nieft dem Recht op eng modern Familljepolitik a faire Startchancë fir hir Kanner, och e Recht op eng konkret Äntwert op d'Fro: Wat kann ech maachen, fir mer eng Wunneng ze leeschten? Dofir ënnerstëtzen ech all Form vu Modernisatioun an engem Politikberäich, wou et jorelaang schwéier war, Fortschréitter ze erkennen.

Extrem positiv fannen ech, dass méi finanziell Moyenen an de Logement investéiert ginn. Déi ëffentlech Promoteure wäerten hir Bauvolume massiv eropschrauwen: e wichtege Punkt, wann et drëm geet, d'Offer vun erschwénglechem Wunnraum ze vergréisseren. Et wäert also sécher méi gebaut ginn, wat sech positiv op d'Präisser an och positiv fir d'Leit wäert auswirken.

Här President, ier ech zum Schluss kommen, nach e puer Wuert zum Bénévolat, zum sech Engagéieren an a fir d'Gesellschaft. Ech erliewen et säit Joren hautno als President vun enger grousser Sportfederatioun, wéi ofhängeg d'Wuelergehe vun eiser Gesellschaft vum Engagement vu Leit am Bénévolat ass. Ech wär frou, wann et eis gemeinsam heibannen an dobause géif geléngen, d'Bénévolat ze stäerken.

De Stellewäert vum Sport, awer sécherlech och vun der Kultur an anere Jugendbewegungen ass punktuell ganz grouss. Mä oft ginn déi Leit, déi sech hierginn, an hirem Domän fir anerer ze schaffen, net genuch ënnerstëtzt. Mir kréien als Gesellschaft e richtig grousse Problem, wann et eis net geléngt, de Stellewäert vum Bénévolat ze stäerken. Dat ass kee parteipolitesche Problem, mä eng Erausforderung, déi mir zesumme musse meeschteren!

Mir sollten dernieft kucken, wéi de Stat de Prozess ka fërderen, wou ee vläicht muss professionaliséieren, fir kënnen als Gesellschaft insgesamt an der Breet dovun ze profitéieren. Ech denken do ganz kloer u Leit, déi sech professionell méi mat dem Reforméiere vu Strukture kéinte beschäftegen, wéi dat haut a ville Gremien aus Manktum u Moyenen de Fall ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, et gëtt vill Erausforderungen. Ech kann lech versprechen, meng Energie heibannen dorobber ze setzen, dass Léisunge fonnt ginn op déi Erausforderungen. Ech wäert main Deel dozou bäidroen, dass eis Gesellschaft zu Lëtzebuerg esou opgestallt gëtt, dass all Mënsch, egal wéi ee Liewenswee e wëllt goen, de Choix huet a sech doran och kann erëmfannen. Dat mécht eng fräi, modern an zukunftsorientéiert Gesellschaft aus!

Aktuell Froen, vu besonnesch deene jonke Generatiounen, brauche konkret Äntwerten. Et ass un eis heibannen, d'Zukunftswichen ze stellen. Dobäi däerf een ni vergiessen, firwat ee steet, wat seng Iwwerzeegunge sinn a firwat een hei ass. Bei allem Handele musse mer eis ganz kloer bewosst sinn, dass net déi nofolgend Generatiounen drënner däerfe leiden! Ech freeë mech op déi gemeinsam Diskussiounen an Debatten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och dem Här Lamberty. Ech wëllt da bei där selwechter Geleeënheet den neie Regierungsmember fir d'éischte Kéier an der ëffentlecher Sëtzung hei begréissen an him wënschen, dass en an Zukunft seng Plaz fënnt.

(*Hilarité*)

► **M. Guy Arendt, *Secrétaire d'État à la Culture.*** - Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Dat gesot, erliewe mer wahrscheinlech hei en historresche Moment, an Dir wäert elo direkt gesinn, firwat. Den Här Bodry huet d'Wuert. Et war wahrscheinlech fir d'leschte Kéier, wann d'Chamber dat esou wëllt, dass mer dës Prozedur gebraucht hunn. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de modification vum Chambersreglement.

5. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Alex Bodry

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Merci, Här President, och wann Der elo déi ganz Spannung hei ewechgeholl hutt.

(*Hilarité*)

Ech maachen awer dat, wat ech lech ugekënnegt hunn. Ech proposéieren, eng Modifikatioun vun eise Chambersreglement virzehuelen, wat déi ganz Prozedur ugeet, wann en De-

putéierte während enger Legislaturperiod hei nei opgeholl gëtt, wou mer de Charme hu vun där Spezialkommissioun, déi sech dann zrëckzitt, net ganz vill verifizéiert, héchstens d'Wahlresultat vun der leschter Kéier nach eng Kéier kuckt, wat schonn de President gekuckt huet, well dee muss jo virdru schonn den zoustännegen Deputéierte gefrot hunn, ob en iwwerhaapt wëllt unhuelen.

A fir dat Ganzt e bëssen ze moderniséieren, do ware mer eis, mengen ech, op alle Bänken eens, wär et net schlecht, wa mer eis Prozedur do géife licht den Zäite vun haut upassen, eis eigentlech och méi no uleenen un d'Wahlgesetz, wou einfach drasteet, dass de President vun der Chamber dann deen Deputéierte kontaktéiert, deen un der Rei ass. A wien un der Rei ass, dat leet och d'Wahlgesetz fest.

A well d'Chamber, wéi se sech constituéiert huet, jo och d'Wahlresultater unerkannt huet an eventuell Contestatiounen dee Moment scho berengegt huet, mengen ech, dass een net méi brauch iwwert de Wee vun enger Spezialkommissioun ze goe mat engem spezielle Rapport. An duerfir géif ech proposéieren, dann deemnächst vläicht eist Chambersreglement an deem Sënn ze änneren.

Här President, ech ginn lech hei meng Proposition de modification an ech bidden lech, se weiderzereechen un d'Conférence des Présidents.

6937 - Proposition de modification de l'article 3 du Règlement de la Chambre des Députés

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci villmools. Ech gi se dann direkt virun, fir dass se weidergereecht gëtt.

6. Changements de composition de commissions parlementaires et de délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Duerch de Changement, deen hei an der Chamber geschitt ass, kënn et och zu enger Rei vun Ännerungen a Kommissiounen. D'DP-Fraktioun huet eis mat hirem Bréif vum 18. Januar folgend Ännerungen an der Zesummesetzung vun eise Kommissiounen proposéiert:

- An der Petitiounskommissioun soll den Här Delles den Här Guy Arendt ersetzen;

- an der Reglementskommissioun soll den Här André Bauler den Här Guy Arendt ersetzen;

- d'Madamm Polfer soll an der aussepolitrescher Kommissioun deeselwechten Här Guy Arendt ersetzen.

(*Interruptions*)

An der Commission des Affaires intérieures, entschëllegt! Jo, ech sinn nach e puer Dausend Kilometer ewech.

- An der Landwirtschaftskommissioun wäert den Här Lamberty den Här Delles ersetzen;

- an der Budgets Kontrollkommissioun soll den Här André Bauler d'Madamm Joëlle Elvinger ersetzen an d'Madamm Brasseur den Här André Bauler fir déi Voleten, fir déi hien zoustänneg war (veuillez lire: an der Budgets Kontrollkommissioun soll den Här André Bauler d'Madamm Joëlle Elvinger ersetzen);

- d'Kommissioun vun der Kultur: Den Här Edy Mertens ersetzt d'Madamm Lydie Polfer;

- an der Éducatiounskommissioun ersetzt den Här Claude Lamberty den Här Eugène Berger;

- an der Héichschoulkommissioun iwwerhëlt den Här Lex Delles de Volet Enseignement supérieur a Recherche vum Här Eugène Berger;

- an der Ëmweltkommissioun ersetzt den Här Claude Lamberty den Här Gilles Baum;

- an der Familljekommissioun ersetzt den Här Max Hahn d'Madamm Joëlle Elvinger an den Här Claude Lamberty den Här Edy Mertens;

- an der Finanz- a Budgetskommissioun ersetzt den Här André Bauler den Här Guy Arendt;

- an der Fonctioun-publiques-Kommissioun den Här Gilles Baum den Här Max Hahn;

- an der Institutiounskommissioun den Här Eugène Berger d'Madamm Joëlle Elvinger;

- an der Commission juridique ersetzt den Här Berger den Här Guy Arendt;

- an der Sous-Commission „Modernisatioun vum Gesellschaftsrecht“ ersetzt d'Madamm Simone Beissel den Här Guy Arendt;

- an an der Logementskommissioun ersetzt den Här Delles den Här Guy Arendt an den Här Lamberty den Här Bauler.

An deemselwechte Bréif proposéiert d'DP-Fraktioun folgend Ofännerung, wat d'Zesummesetzung vum Conseil parlementaire interrégional betrëfft: Den Här Lamberty ersetzt den Här

André Bauler als effektive Member.

Dir gesitt also e ganze Programm, eng ganz Lawinn, déi vum Här Arendt ausgeléist ginn ass.

(*Hilarité*)

Ass d'Chamber mat deene Changementer...

(*Brouhaha*)

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Kënnst Der se nach eng Kéier widderhuelen, wann ech gelift?

(*Hilarité générale*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Also provoziert mech net, well do, wou mer hierkommen, gëtt ëmmer virun der Sëtzung nach e Poème virgelies!

(*Hilarité*)

Ass d'Chamber mat deenen Ofännerungen d'accord?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou décidéiert.

Ech sinn och ganz frou, dass en anere Kolleeg erëm „en pleine forme“ bei eis ass. Ech begrëissen den Här Aly Kaes a wënschen och eise Kolleeg, dem Gilles Baum, dass e ganz séier erëm hei ass.

Voilà, dat gesot, géife mer elo nach en Éierentitel, wann d'Chamber do dermat d'accord ass,...

(*Consultation interne*)

Ah neen, et ass eng Kommunikatioun.

7. Octroi d'un titre honorifique à un ancien fonctionnaire de l'Administration parlementaire

Opgrond vun enger Décisioun vum Büro vun der Chamber an nom Artikel 42 vum Beamtestatut vun der Chamber géif dem Här Marc Thoma, premier Huissier dirigeant, deen an d'Pensioun gaangen ass, den Éierentitel verlië ginn. Dat ass eng Informatioun. Ech gesinn och, dass d'Chamber do dermat d'accord ass.

An da géife mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour kommen. Dat ass eng Froestonn un d'Regierung. Ech géif eis Kolleginnen a Kollegen an och d'Regierung bidden, sech un d'Riedezeit ze halen, well mer zéng Froen hunn an ech frou wär, wa se alleguer kéinten drukommen. Mir maachen dat no där gewinnter Prozedur.

An déi éischt Fro vum Här André Bauler riicht sech un de Minister, deen zoustänneg ass fir déi inner Sécherheet, a betrëfft déi eventuell Schléissung vun enger Rei vu Polizeikommissariater. Den Här Bauler huet d'Wuert.

8. Heure de questions au Gouvernement

- **Question n°153 du 18 janvier 2016 de M. André Bauler relative à la fermeture probable de quelques commissariats de proximité dans la région nord du Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure**

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Ech si berouegt, datt de Polizeiminister sech nach eemol Gedanken iwwert d'Reorganisatioun vun de Policebüroer wëllt maachen. Unhand vun engem konkrete Beispill wëllt ech weisen, wat dës Reorganisatioun fir eenzel Kommissariater bedeite kéint.

Rammerech ass esou e Beispill; den Zoufall wollt, datt et och gëschter op RTL veranschaulcht gouf. Dës Kommissariat, dee viru Kuerzem komplett renovéiert gouf, ass fir d'Gemenge Préizerdaul, Rammerech a Wal zoustänneg. De Kontakt zum Bierger ass ganz wichteg; d'Distanz spillt dobäi natierlech eng grouss Roll. Vu Réiden aus dierft dës Proximitéit, wéi se haut besteet, net méiglech sinn. Dës CP ass de Moment nuets net besat, mä de gréissten Deel vun den Interventiounen sinn den Dag iwwer, wou Rammerech de Centre d'intervention vu Réiden ganz gutt ënnerstëtze kann. Nuets kann de CI deemno vill méi schnell intervenéieren, awer och hei spillt d'Distanz eng Roll.

Zur Gemeng Rammerech gehéiert Roumicht-Maartel mat sengen Tankstellen, déi direkt un der belscher Grenz leien. Fir een Asaz an dësem Raum muss de CP Rammerech eng Faart vun ongeféier 20 Kilometer Aller-retour op sech huelen. Vu Réiden op d'Roumicht sinn zirka 25 Minutten, vu Rammerech op d'Roumicht awer nëmmen zwielef Minutten. E Radius vun zéng Kilometer op der Kaart weist net den effektive Kilométrage op der Strooss. Hei spillt ëmmer nees d'Topografie eng wesentlech Roll, a mir kennen all den accidentéierten Terrain am Eislek. Duerfir wollt ech dem Här Minister just zwou kleng Froe stellen:

1. Sollen an de Gespréicher mat de Gemenge Kritäre wéi zum Beispill déi vun der Topografie vum Terrain an de Wiederkonditiounen gekuckt ginn?

2. Bis spéitstens weini soll et an dësem Dossier definitiv Klorheet ginn?

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och. An d'Wuert huet direkt den Här Etienne Schneider, den zoustännegen Minister.

► **M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*** - Merci, Här President. An direkt als Äntwert op d'Fro vum honorablen Deputéierten wëll ech soen, dass d'Topografie keng Roll spillt an der Reorganisatioun vun de Police-Kommissariater. Et ass esou, dass mer just ee Kritär hunn, nämlech d'Sécherheet vun de Bierger ze verbessern an d'Präsenz um Terrain ze verbessern.

Dir wësst, dass mer eng grouss Reform vun der Police amgaang sinn ze maachen. Mir hunn en Audit externe an Optrag ginn. D'Resultater leien zënter enger Zäit vir an zënter deem Moment sinn an der Police intern sechs Aarbechtsgruppen amgaang, iwwert déi divers Sujeten ze schwätzen. Dovun ass natierlech een Aarbechtsgrupp deen, deen iwwert déi territorial Reorganisatioun vun der Police diskutéiert, an do sinn zwéi grouss Voleten dran: eemol dee vun de regionalen Direktiounen, déi jo solle vu sechs op véier erofgoen, fir méi effikass kënnen ze schaffen, an deen aneren ass deen, wou eng Propositioun um Dësch läit vun der Police selwer, fir eng Rei Kommissariater zesummenzeleeën, fir méi effikass kënnen ze schaffen.

Wat ass de Problem? De Problem ass, dass déi Kommissariater ganz oft ënnerbesat sinn, dass se mat véier oder fënnf Beamten net kënnen richteg funktionéieren. D'autant plus, wann deen een oder deen aneren am Congé, Congé parental oder am Krankeschäin ass, da funktionéiert et net, wann Der musst dovun ausgoen, dass Der ëmmer musst zu zwee sinn, fir op Patroll ze goe respektiv fir de Büro kënnen op ze hunn, soudass ganz oft dat eent oder dat anert ewechfällt, dat heescht, entweder de Büro ass net accessibel fir d'Leit oder et ass keen op der Strooss.

D'Police selwer huet elo proposéiert, ebe just eng Rei vu Kommissariater iwwert d'Land zesummenzeleeën, dat ëmmer mam Kritär, dass am Prinzip d'Distanz zu engem Kommissariat net méi wéi zéng Kilometer ka sinn, an zu 80% ass et bedeitend manner Distanz bis zu engem nächste Kommissariat.

Mä d'Iddi ass déi, fir eben doduerch, dass mer zwéi Kommissariater zesummeleeën an déi dann och nach eventuell opstocken, op zéng, zwielef, 14 Agenten ze komme pro Kommissariat, wat dann natierlech géif erlaben, dass déi Kommissariater net ewéi elo ganz oft just déi eng oder aner Stonn pro Dag op si respektiv keng Patrollen kënnen fueren, mä an Zukunft wär et dann esou, dass d'Kommissariater entweder mindestens op zwou Schichten alleguerter schaffen oder esouguer op dräi Schichte géife schaffen, dat heescht ronderëm d'Auer.

Dat géif et erlaben, dass, och wann emol ee krank ass oder am Congé parental oder soss net do ass, de awer ëmmer genuch Leit hues, fir permanent Patrollen ënnerwee ze hunn, dass permanent Patrollen ënnert de Leit sinn a permanent de Büro natierlech och kann op sinn. Dat ass d'Iddi vun deem Aarbechtsgrupp aus der Police.

Elo kënnst Der mer soen: Ma Dir kéint et jo méi einfach maachen a géift einfach iwwerall bei déi Kommissariater Leit bäisetzen, da wär de Problem jo och geléist. Dat géif ech jo gäre maachen. De Problem ass awer deen, dass ech d'Leit net hunn. Ech hunn d'Leit net! Mir hunn als Regierung all Efforte gemaach a mir maachen och weiderhin all Efforten, fir jiddweree kënnen anzustellen, deen d'Exame packt, deen d'Konditiounen erfëllt an deen d'Schoul - well et muss ee jo och nach zwéi Joer Police-Schoul maachen - packt.

Dofir huet d'Regierung, contrairement zu deem, wat soss Usus war, dass 35 bis 45 Leit am Joer agestallt gi sinn, décidéiert, dass mer jiddweree géifen an d'Police-Schoul ophuelen, deen d'Opnamexame packt. D'lescht Joer sinn der gemaach ginn, do waren eng 300 Leit, déi sech gemellt hunn. 106 hu se gepackt a mir hu se allen 106 geholl. Déi ginn natierlech dann an eng éischt Instruction de base op den Härebiereg an eng Ausbildung; do falen der ëmmer schonn eng Rei ewech, déi dann erausfannen, entweder dass deen Job hinnen näischt seet, dass et hinne vläicht ze ustrengend ass oder se aus medezinnesche Grënn net kënnen weidermaachen.